



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/12/2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

Rezenten Informatiounen no goufen intern Prozedure bei der Administration des contributions directes (ACD) ugepasst, déi potenziell Auswierkungen op d'Rechtssécherheet vun de Steuerzueler hunn. An dëse neie Prozedure géif et heeschen, datt d'Bureauen d'Consigne kruten, PDF-Steuererklärungen net méi am Detail ze kontrolléieren, mee d'Donnéeën einfach per "Copy-Paste" an de System ze iwwerhuelen. Dëst féiert dozou, datt vill méi provisoresch Steuerbescheeder (Bulletins provisoires) ausgestallt ginn, wat et der Verwaltung erlaabt, d'Dossieren iwwer eng Period vu fënnef Joer nozekontrolléieren. Dës Praxis riskéiert, datt Feeler an den Deklaratiounen net direkt erkannt ginn an d'Bierger eréischt Jore méi spët mat héije Remboursementsfuerderunge konfrontéiert ginn.

Zousätzlech gouf festgestallt, datt op den neie PDF-Formularen d'Feld fir d'Angab vun der Kontonummer (IBAN) ewechgeholl gouf, ouni datt eng kloer Instruktioun kommunizéiert gouf, wéi dës Informatioun alternativ ze iwwermëttelen ass. Dës Situatioun schéngt besonnesch fir Steuerzueler ouni LuxTrust-Zougang, wéi zum Beispill vill Frontalieren, eng administrativ Hürd duerstellen a kéint zu engem "Hin an Hier" per Courier féieren. Dëst kéint potenziell d'Liquiditéit vum Staat op Käschte vun de Bierger stäerken, well d'Remboursementer sech doduerch onnéideg verzögeren.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, datt d'Agente vun der ACD d'Uweisung kruten, bei PDF-Deklaratiounen keng detailléiert Kontrolle méi duerchzuféieren, mee d'Donnéeën ongeprüft an de System z'iwwerhuelen?
2. Wéi schätzt de Minister de Risiko fir d'Steuerzueler an, datt duerch dës verstärkte Praxis vu



provisoiresche Steuerbescheeder no e puer Joer onerwaart an héich Remboursementsfuerderungen op si duerkommen?

3. Aus wéi engem Grond gouf d'IBAN-Feld vun de PDF-Formulairen ewechgeholl a wéi gëtt séchergestallt, datt Steuerzueler ouni LuxTrust-Zougang hir Bankverbindung einfach an ouni administrativen Opwand kënne matdeelen?
4. Kann de Minister garantéieren, datt dës prozedural Ännerungen net zu systematesche Verspéidunge bei de steuerleche Remboursementer féieren an domat d'Liquiditéit vun de Stéit belaschten?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Deputéierten

